



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, wollt ech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister stellen.

Am Kader vun enger Dokteraarbecht vun der "Technische Universität München" sinn d'Auswierkunge beim Droe vun einfachen Otem-Schutzmasken ënnersicht ginn. D'Konklusioun dovunner muss ze denke ginn: Nodeems een eng dënn OP-Mask unhuet, otemt ee vill méi ausgeotemten CO₂ an, wéi am Normalfall. Et kënnt verstärkt zu méi séierer Ootmung, Middegkeet a Konzentratiounsschwächt, bis hin zu enger Verschlechterung vun der Feinmotorik a souguer Stéierunge vum Häerzrhythmus. Hei ass de Link vun der ganzer Dokteraarbecht:

https://mediatum.ub.tum.de/doc/602557/602557.pdf...https://mediatum.ub.tum.de/doc/602557/602557.pdf?fbclid=IwAR0RTjyDwWugH7J6_JQGxq80cEwTQtJtr3BjSopXdF0pl8npjotVurBPOUI

Ganz aktuell huet sech dann de Schnellwarnsystem vum Verbraucherschutz vun der EU (RAPEX) ageschalt an eng Warnung viru verschiddenen importéierten Otem-Schutzmasken erausginn. Dat well des eng mangelhaft Filter-Wierkung hunn, an eng Gefor fir d'Gesondheet besteet. D'Autoritéit huet zu engem Réckruff vun de betraffene Produkter opgeruff, déi alleguerten a China produzéiert gi sinn. Et ass net auszuschléissen datt des Masken och u Lëtzebuerg verkaf gi sinn.

Am Kader vun dëser parlamentarescher Fro maachen ech an engems dorobber opmierksam datt d'Regierung meng Fro Nummer 2030 iwwer Otem-Schutzmasken nach net beäntwert huet.

An dem Zesammenhank wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Kenntnis vun der aktueller Warnung vu RAPEX, iwwert déi mangelhaft Otemschutzmasken aus China? Si schonn déi néideg Schrëtt ënnerholl gi, fir ze préiwen ob déi betraffe Masken och zu Lëtzebuerg am Ëmlaf sinn?

2. Ass dat obligatorescht Droe vun Otem-Schutzmasken, op Plaze wou de Mindestofstand vun 2 Meter net agehale ka ginn, iwwerhaupt sënnvoll?
3. Misst d'Regierung net Recommendatiounen erausgi wat droe vun de Masken ugeet an ob méiglech gesondheetlech Geforen opmierksam maachen?
4. Misst net definéiert gi wou d'Droe vun de Masken onerlässlech ass,(medezinescht Personal etc) a wou manner?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten